association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, de 19. Dezember 2023

Rapport vun der Entrevue mam Educatiounsminister vum 18. Dezember 2023

Präsenzen
MENJE: M. C. Meisch, M. R. Nehs, M. M. Theis
APESS: M. P. Beil, M. G. Everling

Programm fir déi nächst 5 Joer

Den Här Minister huet eis erkläert, datt d'Zil ass am Dialog mat alle Partner e Konsens ze fannen, dee méiglechst op Wëssenschaft baséiere sollt. Mir wiere ganz frou, wann een sech effektiv kéint zesumme setzen an eng sachlech a wëssenschaftlech fundéiert Diskussioun féieren, hunn awer op Grond vun eisen Erfarungen, besonnesch wärend der "Pandemie", eis Skepsis zum Ausdrock bruecht.
Mir hunn op déi dominant Roll vun der Digitaliséierung am Regierungsprogramm allgemeng an an der Educatioun am besonneschen opmierksam gemaach an eis op en Neits kritesch zu de gesondheetleche Konsequenzen vun der ëmmer méi intensiver a permanenter Mikrowellebestralung duerch Handy/Tablet a Laptop geäussert. Dozou fënnt een am Ressourcendeel op eisem Site (https://apess.lu/EMF) eng grouss Auswiel vu weider féierenden Informatiounen. Mä och déi an eisen An diskutabel pädagogesch Auswierkungen vun der Digitaliséierung op eis Schüler hu mir ugeschwat. Dozou krute mir gesot, déi digital Entwécklung wier net opzehalen.

Alphabetisatioun op Franséisch respektiv Däitsch

Fir der staark geännerter Schülerpopulatioun Rechnung ze droen leeft de Pilotprojet vun der Alphabetiséierung op Franséisch respektiv Däitsch an de Sproochen an an der Mathé. Et soll och gekuckt ginn, wéi ee Léiermethoden upassen an allgemeng de Sproochenunterrecht méi flexibel gestalte kéint. An dësem Kontext wieren och dräi nei Europaschoule geplangt. Mir hu gefrot, wéi kéint séchergestallt ginn, datt déi scho besteeënd sproochlech Spaltung vun eiser Gesellschaft sech net nach weider vergréissert. Dat soll verhënnert ginn andeems d'Fächer (ausser Sproochen a Mathé) op Lëtzebuergesch enseignéiert ginn, och an den internationale Schoulen.

Promotiounskrittären am ESG

Mir begréissen et, datt endlech geplangt ass d'Promotiounskrittären am ESG ze evaluéieren an ze iwwerschaffen.

Pilotprojet Walfächer am ESC

Entgéint verschiddene Rumeuren sollen d'Sektiounen am Classique net ofgeschaaft mä duerch Walfächer op den héije Klassen ersat ginn. Op eis Nofro krute mir confirméiert, datt déi Iddi op eng politesch Motivatioun zeréck ze féieren ass a net vum Terrain koum. Mir stinn dësem Usaz prinzipiell positiv géigeniwwer, well et dem Schüler zumindest theoretesch erlabe kéint, sech méi gezielt op seng akademesch oder berufflech Zukunft virzebereeden. Mir deelen awer och dem Minister seng Aschätzung, datt d'Ëmsetzung bei klenge Schülerzuelen riskéiert schwiereg ze ginn.

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426